

Lëtzebuerg, den 28. Juni 2017

Clarificatioun zu den Examensdeclaratiounen

Léif Memberen,

de Comité vun der Féduse/Enseignement-CGFP freet sech, Iech matdeelen ze kënnen, datt sech no engem konstruktiven Dialog mam MENJE op folgend Applicatioun vum neie Règlement grand-ducal geeenegt gouf. Vun dësem Joër (2016/17) un, an anescht ewéi d'lescht Joër, brauch Dir **just déi 25 éischt Kopien vun Ärer eegener Klass** bei der Declaratioun ofzehalen, an net 25 Kopien vum Total vu sämtleche Kopien aus dem 1., 2. an 3. Tour.

Dëst ass am Interessi vun eise Memberen an allen Enseignanten, déi eng bedeitend Zousazbelaaschtung als Korrekteren am Examen haten, respektiv an Zukunft wäerten hunn.

Déi betreffen Direktiounen sinn och vum MENJE heiriwwer informéiert ginn.

Den entspreechenden Text ass den Artikel 4 vum RGD vum 22. Mäerz 2017, deen de 9. Mee 2017 am „Mémorial A“ vum „Journal Officiel“ publizéiert gouf:

Art. 4.

Pour une commission d'examen, la correction des premières vingt-cinq copies d'une épreuve de la session d'été ne donne pas lieu à une indemnité si l'examineur a assuré les cours pendant l'année terminale pour les candidats affectés à cette commission.

Mat beschte Gréiss,
de Comité vun der Féduse/Enseignement-CGFP